



Groupe parlementaire

N°6716
Entrée le 26.08.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 26.08.2022

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 26. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister an den Här Policeminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 5512 iwwert de Confinement vun enger Manifestatioun an der Avenue de la Liberté huet d'Regierung iwwert d'Verhale vun eenzele Manifestanten dat hei geschriwwen: "*Während den Identitéitskontrolle war et der Police nach méiglech vereenzelt Leit erauszehuelen, déi sech während der Manifestatioun enger Strofdot schëlleg gemaach hunn [...] D'Police huet cibléiert eenzel Persounen, déi Strofdote begaangen hunn, respektiv probéiert hunn d'Manifestatioun géint d'Police opzeheizen, missten aus der Manifestatioun eraushuelen*".

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Fro stellen:

- 1) Kann d'Regierung matdeelen a wéi ville Fäll et tatsächlech zu enger juristescher Prozedur géint Leit koom, déi deen Dag un der Manifestatioun deelgeholl hunn an a wéi ville Fäll et och zu enger Verurteilung koom?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten